

Leideleng, de 18. November 2021

Lou Linster
6, rue Gruefwiss
L-3371 Leideleng
Lëtzebuerg

Buergermeeschter- a Schäfferot
vun der Gemeng Leideleng
5, place des Martyrs
L-3361 Leideleng
Lëtzebuerg

Betreff: Motioun fir d'Gemengerotssëtzung vum 7. Dezember 2021

Madamm Buergermeeschter,
Dir Häre Schäffen,

Esou wéi den Artikel 13 vum modifizéierte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 et virgesäit, bidden ech de Buergermeeschter- a Schäfferot folgend Motioun betreffend enger eventueller Participatioun vun der Gemeng Leideleng un der Aktioun "Les rues au féminin" op d'Dagesuerdning vun der Gemengerotssëtzung vum 7. Dezember 2021 ze setzen :

Motioun

De Gemengerot stellt fest

Datt an der Gemeng Leideleng de Moment keng eenzeg Strooss no enger Fra benannt ass, awer dräi Stroossen no engem Mann benannt sinn (Rue Léon Laval, Rue Nicolas Brosius, Rue Jean Fischbach) ;

Datt landeswäit 17% vun de Stroossen no männleche Perséinlechkeeten, awer just gutt 2% no weibleche Perséinlechkeete benannt sinn;

Datt et am Interêt vun der Gläichstellung tëscht Mann a Fra wichteg ass, datt och weiblech Perséinlechkeeten am ëffentleche Raum gewierdegt ginn ;

Aus dëse Grënn invitéiert de Gemengerot de Buergermeeschter- a Schäfferot

Un der Aktioun "Les rues au féminin" deelzehuelen, déi am Kader vum Weltfraendag den 8. Mäerz 2022 vum nationale Fraerot organiséiert gëtt a wou Stroossen, déi no engem Mann benannt sinn, während e puer Wochen och no enger Fra benannt ginn, andeems en zweet Stroosseschëld ënnert dat existéierend installéiert gëtt ;

D'Bierger.innen am Gemengebuert iwwert dës Aktioun an hir Ziler ze informéieren ;

Déi nächst nei Strooss zu Leideleng no enger weiblecher Perséinlechkeet ze benennen.

Mat déiwem Respekt,

Lou Linster
Gemengeconseiller